N°1769
Entrée le 14.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

An engem Artikel op RTL vum 13te Januar gëtt iwwert de Phänomeen geschwat, dass mat der Hëllef vu KI respektiv fräi um Internet verfügbare Bildbeaarbechtungsprogrammer pornografescht Material vu Fraen erstallt a duerno am Internet verbreet gëtt. De Moment si vun dësem Phänomeen virun allem Fraen, déi sech am Kader vun engem politesche Mandat engagéieren, vun dësem Verbrieche betraff. Mat dëse sougenannten Deepfakes sollen déi betraffe Fraen diffaméiert an hir Ruff geschiedegt ginn. Awer och aner prominent Persounen, wéi d'Taylor Swift goufe schonn Affer vun esou Deepfakes. Opgrond vun der grousser Verfügbarkeet vun de Programmer kann awer jidderee schnell zum Affer ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Sinn hei zu Lëtzebuerg Fäll bekannt, an deene mat der Hëllef vun enger KI pornografesch Deepfake vu Persounen erstallt goufen? Wa jo, wéi vill Fäll si bekannt?
2. Ass geplangt, fir e spezifesche gesetzleche Kader auszeschaffen, fir dëst Zort vu Verbriechen ënner Strof ze stellen?
   - Wa jo, wou sinn dës Aarbechten drun?
   - Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten